déi jonk gréng
3, rue du Fossé
L-1536 Luxembourg

Monsieur le Député Fernand Kartheiser
Alternativ Demokratesch Reformpartei (ADR)
22, rue de l'eau
L-1449 Lëtzebuerg

Monsieur le Député Kartheiser,

Är parlamentaresch Fro vum 3. Dezember betreffend dem Theaterstéck "Ein Känguru wie du" an awer och d'Äntwert vum Monsieur le Ministre Meisch hunn e groussen Impakt op déi lëtzebuergesch Gesellschaft hannerlooss. Och ons, déi jonk gréng, huet déi ganz Saach net kal gelooss.
Doropshin an awer och wéinst dem Ënnertitel vum Theaterstéck "Mit Herz und Hirn gegen Vorurteile" (Iwwersetzung*: Mat Häerz a Bëls géint Viruerteeler*) - en Ënnertitel de ganz onse Valeuren a Moralvirstellungen entsprécht - gi mir ons dat Theaterstéck ukucken. Zousätzlech verhënnere mer domat, dass mir LGBTQ+ Thematiken an Zukunft falsch interpretéiere kéinten, wéi et a rezenter Vergaangenheet och zu Lëtzebuerg leider ze oft virkomm ass.

Mir identifizéieren ons staark mat de fundamentale Prinzipie vun eiser Verfassung an der Europäeschen Unioun, déi d'universell Mënscherechter schützen an d'Gläichheet vun all Mënsch virum Gesetz festhält. Dofir si mir dann och der Meenung, dass dat uewe genannt Theaterstéck e grousst Potential huet fir dës Valeuren, fir déi een ni ze al nach ze jonk ka sinn, ënner de Leit weider ze verbreeden. Mir ënnerstëtzen all positiv Duerstellung vun natierlechen a normale Familljen, dorënner souguer déi mat heterosexuellen Elteren.

Mir bidden Iech, Monsieur le Député Kartheiser, mat eis zesummen an de Genoss vum Appell fir Toleranz an Akzeptanz, den vum Theaterstéck "Ein Känguru wie du" ausgeet, ze kommen. Dowéinst invitéiere mir Iech, Monsieur le Député Kartheiser, op ons Käschten a mat ons zesummen dat Stéck den 10. Februar 2019 um 16:00 Auer an d'Salle R. Krieps vun der Abtei Neimënster kucken ze goen.

An dësem Sënn füge mir dësem Bréif e gratis Ticket mat enger reservéierter Plaz bäi. Mir géif eis freeën, wann dir dëst Invitatioun géift unhuelen.

Am Sënn vun der Opklärung,

déi jonk gréng